Diekirch, 30.8.62 I

Dir Dammen an Dir Hären!

Le'w Komeroden!

Et sinn deser Dég 20 Joer gin dass Letzeburg de' schwärzt ~~Dég~~ Stonnen an senger Geschicht erliewt huet.

Den 30.August 1942 huet de Gauleiter Simon, onwierdegen Gedenken, d'Wehrpflicht hei zu Letzeburg proklame'ert. Domadder go'w de Stâf iwert 3500 jong letzeburger Liewe gebrach, a mam Liewen hun de' misse bezuelen de' ons Jugend wollten dem preissesch Onnerdröcker entreissen. Mir gedenken haut dénen de' de ~~Mutt a~~ er Courage hâten fir dem Occupant richt eraus ze soen dass ~~si~~ eh kén Recht hât iwer ons Médercher an Jongen ze verfügen an berét woren fir des Wo'recht um Poteau,am Prisong an am K.Z. ze stierwen. An hirer Broscht huet en écht freit letzeburger Hierz geschloen a si sinn sech konsequent bliwen bis an der Do'd. Hinnen alleguer gölt onse Merci, de Merci fun onsem Vollek, a speciell de Merci fun ons, der Jugend fun démols, d'Joergäng 20-26. Si hun démols, we' zu Woltz an zu Esch de Bier geblosen huet, d'Flâm fun der Résisdenz an onse Hierzer weider ugefacht a bis un d'Spötz gedriwen. Si sinn ons mam gudde Beispill fiergângen a mir hun op si gehe'ert. Op si hu gehe'ert de' 12.000 Jongen an 8000 Médercher de' matt brutâler Gewalt firun Problémer gestallt go'wen firun de' normal kén jonge Mensch gestallt get. Si hun ons kloer gemât, wât onse freie letzeburger Géscht ass a wât mir missten berét sinn dofir ze er-droen. Matt desem gestärktenem an ennermauertem Géscht sin mir un d'Problém erugângen wât Nazideitschland ons letzeburger Méder-cher a Jongen opgezwongen huet. Wien zielt de' durchwâchten Nuechten a miserâbel Dég an dénen mir geste'ert a verzweiwelt net ferdeg go'wen matt desem Problém a fir dat mir keng Le'sung konnte fannen.

Mir wossten datt mir engem Verbriecherregim net konnten eng Hand réchen an höllefen en onnetzt Völkermierden weider ze fe'eren. Mä seng satanesch Fratz huet ons ugelâcht a gesot: "wanns du net wölls dann stierwen deng Elteren, dei Papp an deng Mamm gin verschléft, deng Gebridder a Geschwesteren an K.Z. Wanns du net kenns dann zerste'eren ech deng Familjen, da suergen ech dofir dass dât wats du nenns "dei Letzeburger Vollek" dem Ennergang zo' gét". An eso' go'wen mir hin an hier gerass an hun matt Verzweifelung no engem Auswé gesicht. Jidderén op seng Mane'er, jidderén eso' we' en d'Me'glechkét hât, eso' we' sei Gewëssen him et dikte'ert huet, eso' we' ons Martyrer vum Generalstreik vum 31.August et vun ons verlângt hun.

2.650 Jongen hun hir Hémecht net erem gesinn.

900 Jongen sinn bis haut nach vermësst.

Dat sinn me' wi 40% vun dénen de' di gehâssten preissesch Uniform gedroen hun. Dat sinn Zuelen de' ons erschrecken, Zuelen de' ons beweisen we' éscht Hitlerdeitschland un d'Ausrottung vun onser letzeburger Jugend eru gângen ass, Zuelen de' beweisen matt wat fir engem he'chen Blutzoll Letzeburg huet missen dén 2.Weltkrich bezuelen. Nach nie hat Letzeburg an senger iwert honnert jähreger Onofhängegkét eso' e gro'sst Affer un Menscheliewen huet misse brengen an mir hoffen a wënschen et aus vollem Hierz och nie me' brauch ze brengen.

Mir alleguer de' hei versammelt sinn hun des traureg Episod matt erliewt an hun e Kand, e Mann, e Brudder oder e Komerod dén haut net me' bei ons kann sinn. En ass sei Leidenswé gângen bis den Do'd en erle'st huet. En huet gelidden an sein Hierz huet geblutt we' en huet missen sech entschéden we' e ge'w op dé verfluchtenen Stellungsbefehl reage'eren. Vleicht luch seng Mamm

virun him op de Kne'en an huet hien ugeflét dach net ze goen, de Maquis de wielen, sech ze verstoppen, sie seng Famill ge'w sech fir hien afferen. Et sollten also hir Liewen, den Elteren a vleicht Geseschter hirt, 2, 3 oder 4 Liewen op d'Spill gesât gin fir dem Onnerdrecker ént ze entreissen. Oh! wât waren dât be's a batter Stonnen fir des jong Leit. A wann dann dat ongleck-lecht letzeburger Kand sech endlech décide'ert hat, a matt ro't weiss bloem Bändchen an der Täsch oder matt engem âlen letzebur-ger Pass oder Identite'tskârt zesummen matt sengen Komeroden zu Letzeburg op der Gare d'Hémecht gesongen huet; zu Wasserbelleg op der Breck d'Fensteren an d'Diren an d'Musell geflun sinn, dann huet sein Kalvarienbierg ugefangen, du war et e Letzeburger dén wosst sein Mann ze stellen. Um Kasärenhaff huet en de Kapp net ge_beckt, Opro'h an Widerstand ass vun him ausgâng, Sabotage an d'Zersetzung go'w bis an d'Front eran gedroen. Virun sengen Aen huet en nemmen d'Revanche gesin de' ze huelen war un dem Preiss dén hien wollt fir eng Sâch uspânen de' seng net war, an en huet nemmen op d'Meglechkét gewârt fir bei d'Allie'ert, ons Frenn, iwer ze lâfen. Seng Astellung an sein Striewen go'wen fun onser Regierung fun London aus ennerstötzt an e go'f opgefuerdert zu den Allie'erten ze sto'ssen. An offiziellen Dokumenter an Nidder-schreften op dénen verschiddenen Rapatriementer go'f des Haltung vun de letzeburger Jongen éndeitlech fest gehâlen. Ower d'Haltung vun de letzeburger Jongen wor och de Preissen genau bekannt an si woren prett fir hinnen Maschinnegewehrkugelen an de Reck ze joen wann si et ge'we woen iwer ze lâfen. An eso" leien haut net nem-men e puer mävleicht honnerten vun onse Jongen a russeschem Buedem verschärt matt enger preissescher Kugel am Reck de' hirem Liewen en Enn gemâcht we' si der Freihét entge'nt gerannt an dem Preiss de Reck geke'ert hun. Dohém hun si sech geaffert fir hir

mir alleguer, dé d'Chance hâten ons Hemecht erem ze gesinn, mir dierfen all des gudd Letzeburger nie vergiessen. Net ons Helden vum Generalstreick, net dé, dé aus Prisongen, KZ[ler] an Deportation net erem hêm kömen, net ons ongleckléch Komeradinen a Komeraden. Sie all net, ohni Ausnahm! Hirt Undenken muss ons hellech sinn, an ons Hemecht muss sech hirer wierdeg weisen. Sie sinn net gestuerwen fir dass durch hir Haltong Zwietracht gesäit gett; sie wöllen net dass Patrioten a verschidden Klassen gedêlt ginn a sie wöl-len virum allem net dass mat hirer Ë'er politesch Campagnen geféiert ginn. Sie sinn fir en enegt Letzebuerg gestuerwen an all Problemer dé mat hirem Affer zesummen hänken mussen als eng nazional Ugelegenhêt behandelt ginn. Dofir losst mir e Letzebuerg schâfen dat hirem Affer entsprecht, e fräit an stolzt Letzebuerg, e Letzebuerg an dém sech hire Gêscht ka wuell fillen.

Familjen ze retten, an der preissescher Uniform hun si hirem Ennerdrecker offenen Widerstand geléscht, hun net gezeckt fir zu Sonnenburg um Ersche'ssungspoteau matt Vive ons Grand-Duchesse, a Vive Letzeburg an der Dô'd ze goen, oder sinn dem Opruff vun onser Exilregierung gefollegt an zu den Allie'erten iwergelâf. Si hun hir Pflicht vis a vis vun der Hémecht voll a ganz erföllt, si sinn als echt Letzeburger gesturwen, si woren d'Patrioten bis an d'Se'l eran, si hun hirt Liewen gin fir d'Hémecht.

Le'w Komeroden! De' dir haut net me' bei ons sit, begruewen hei an onsem Hémechtsbuedem oder dobaussen an der russescher Stepp oder am afrikaneschem Sand, mir stinn haut hei fir ärer ze gedenken. Mir stinn hei fir iech ze beweisen, fir onsem Land ze beweisen an der ganzer Welt datt mir iech net vergiess hun a mir ruffen iech zo', mir vergiessen iech nie.

Mir verneigen ons de'f virun ärem Affer an denken matt Respekt an Bewonnerung un är Haltung am Krich zreck. Äre Kierper ass net me' bei ons mä äre Géscht ass enner ons an et ass äre freie letzeburger Géscht dén ons erem op d'Bén geruff huet, dén ons erem zesumme geschmolz huet we' et versicht ass gin un den Zwansrekrute'erten hirem Affer ze zweiwelen, we' et versicht ass gin hir E'er ze besuddelen.

Le'w Komeroden! Sieft versechert mir de' d'Chance hâten ons Hémecht erem ze gesinn, mir hun iech net vergiess a mir sinn berét fir ärt Undenken an är E'er alles ze mâchen wat dir vun ons verlângt. A wann mir versôt oder onse Mann net gestallt sollen hun dann verspriechen mir iech haut erem dat no ze huelen. Mir ro'hen an gin ons net bis iech Gerechtegkét widerfuer ass. Mir schlofen net bis är Kanner net me' versto'ss sinn an mir suergen

dofir datt är Elteren hiren Liewensowend anstänneg an ongekränkt könne verbrengen. Mir mâchen onst Allerbescht an stellen onst Sichen net an bis mir Gewesshét hun iwert d'Verbleiwen vun dem Lèschten vun iech.

Mir schwieren iech haut datt mir nie zo'lossen datt onst Letzeburger Land an eng Bunn gelét get an déer Dir keng E'replâtz anhuelt. Mir lossen net zo' dass dat Land fir dat Dir ärt Liewen gin huet durch Gesetzer rege'ert get an dénen är Affer verkannt ginn, a mir veruechten de', de' sech ärer mengen missten ze schummen. Mir stinn zu iech, geschter, haut, muer an emmer, är E'er ass ons E'er, an mir schummen ons net, virun aller Welt ze behâpten datt Dir am Krich är Pflicht vis a vis vun onser Hémecht voll a ganz erföllt hut, a mir verlângen e'erlech, respektvoll a gesetzlech d'Unerkennung vun ärer Haltung durch onse Stât an vun alle Nationen.

A wann mir haut d'Hand zum Schwuer erhiewen dann ass et well mir als eng Generation vun Letzeburger an onser Jugend gele'ert hun, matt onsen Elteren, Geschwester, Familjen an Frenn wât dat Wuert Hémecht héscht, wât et héscht fir seng Hémecht ze leiden an ze bludden a wât et héscht e Kand, e Mann, e Brudder oder Komerod ze hun dén fir d'Hémecht sein Liewen gelos huet. Onst Land muss verstoen datt mir net könne liewen an engem Letzeburg dât seng Bèscht verkennt an dât rege'ert get durch Gesetzer an Verträg de' net kloer an deitlech d'Haltung an d'Affer vun den Zwangsrekrute'erten unerkennt.

Le'w Komeroden! schloft ro'eg. Mir hun zesummen matt iech gelidden, gekrasch, gebied a gebludd an mir stinn

VI

och haut nach zu iech. Aert Undenken gét ons iwert alles a mir verspriechen iech datt mir suergen datt ären Affer net emsoss war. Dass äre Géscht geè'ert an e'erlech unerkannt an engem freie Letzeburg kann sech wuell fillen.